



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 16 juin 2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 2297 du 28 mai 2020 de Monsieur le
Député Jeff Engelen

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire
sous rubrique.

Pour le Ministre des Classes moyennes,

Françoise Schlink
Premier Conseiller de Gouvernement

**Äntwert vum Här Minister fir Mëtzelstand Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n°2297 vum
honorabelen Deputéierten Jeff Engelen**

Bedéngt duerch d'Covid-19 Kris sti vill Betriber viru finanziellen Erausfuerderungen, dorënner och d'Maartleit. D'Regierung ass sech awer voll a ganzt bewosst, dass duerch d'Ewechfale vun eenzelen *Groussmanifestatiounen eng sëllege Maartleit a Forainen riskéiere an eng prekär Situatioun ze geroden*. Dofir huet d'Regierung ee « Fonds de relance et de solidarité en faveur des entreprises » an d'Liewe geruff, iwwert deen ë. a. de Secteur vun de Forainen an de Maartleit geziilt ënnerstëtzt gëtt. Déi betrafte Betriber kënnen, ënnert verschiddene Konditiounen, iwwert eng Dauer vu 6 Méint eng finanziell Ënnerstëtzung kréien:

- Fir all Salarié, dee sech am Chômage partiel befënnt, kréien d'Betriber all Mount eng Ënnerstëtzung vun 250 €;
- fir all Salarié, deen effektiv am Betrib schafft, ass eng monatlech Ënnerstëtzung vun 1.250 € geplangt.

Iwwert dese Wee wäert d'Regierung de Betriber vum Secteur nohalteg ënnert d'Äerm gräifen an de Réemploi cibléiert ënnerstëtzen.

Et sief op déser Plaz drun erënnert, dass d'Maartleit an d'Forainen och fir déi 2 Indemnités d'urgence fir d'Betriber kënnen eligibel sinn, virausgesat, si erfëllen d'Konditiounen (ënnert anerem een Abroch vum Ëmsaz vun iwwer 50%).

Wat d'Fro betrëfft fir de Maartleit eng Verkafsfläch an de Summerméint zur Verfügung ze stellen, wou si hir Wuer kéinte ubidden, géif ech wëllen 2 Saachen ervirsträichen:

- d'Mäert kënnen aktuell ofgehale ginn, onofhängeg dovun ob Frëschwuer verkaf gëtt oder net;
- d'Decisioun fir de Maartleit sou eng Verkafsfläch zur Verfügung ze stellen fällt ënnert d'Autonomie communale.